

Ordre du jour

- 1. Dépôt d'une proposition de loi
- 2. Interpellation de M. Jeannot Krecké sur la politique du Gouvernement concernant les services publics

(Discussion générale - Motions - Votes)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Henri Grethen, Ministre; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

D'Wuert huet den Här Mars Di Bartolomeo gefrot fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

1. Dépôt d'une proposition de loi

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt de Mëtteg eng Proposition de loi deponéieren, déi de Krankekeessen et soll erëm erlabe fir homeopathesch Medikamenter ze rembourseren, wéi dat virum 1. Januar 2003 de Fall war. Dir wësst, dass dat net méi méiglech ass, nodeem d'Liste positive des médicaments gestëmmt ginn ass. Déi heite Proposition de loi soll d'UCM also erëm an d'Lag setze fir déi Medikamenter, déi bis elo remboursabel waren, kënnen weiderhin ze rembourseren.

- Proposition de loi N° 5173 portant modification de l'article 22 du Code des assurances sociales.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch de Kolleeg Mars Di Bartolomeo, an déi Proposition de loi gëtt virugeleet un d'zoustänneg Kommissioun an un de Conseil d'Etat.

Mir kommen dann elo zur Interpellatioun vum Här Jeannot Krecké iwwert d'Services publics. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn agedroen: déi Häre Sonnen, Krecké, Graas, Henckes, Huss, Urbany a Bausch. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den honorablen Här Jeannot Krecké.

2. Interpellation de M. Jeannot Krecké sur la politique du Gouvernement concernant les services publics

M. Jeannot Krecké (LSAP), interpellateur.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn net zu ganz vill. Et schéngt ze si wéi wann de Service public, d'öffentlech Déngschtleeschtingen, net dat sexy Thema ass an der Politik am Moment, inklusiv an de Reien, ech hunn et allgemeng gesot, an ech soen inklusiv an de Reie vun der Regierung, wou ech net ka feststellen, dass den zoustännegen direkte Minister do ass.

(Interruptions diverses)

Ech begréissen se dann elo, well et ass awer u sech, och wann et vläicht e Sujet ass, deen d'Leit net esou schrecklech begeeschtert, an extrem wichtige Sujet, a virun allem liewe mer, wat dee Sujet do ubelaangt, an enger extrem wichtiger Period, an enger Period wou öffentlech Déngschtleeschtingen emgebaut ginn, wou staark Verännerunge stattfannen a wou sécherlech eng Diskussioun mat de Bierger absolut noutwendeg ass. De Problem ass just, dass déi Diskussioun relativ laanscht de Bierger leeft, schwéier verständlech ass, well hien den Zesummenhank net ëmmer gesäit, well hien déi direkt Auswierkungen net ëmmer spiert. An da wann de Bierger op eemol déi Auswierkungen ze spiere kritt, da wann et sech direkt op hien

auswierkt, dann ass et gewéinlech vill ze vill spéit, dann ass villes geschitt, villes an d'Wee geluecht ginn, an da wonnert ee sech.

Och hei bei eis an der Chamber hu mer dës Öfteren Diskussiounen gehat, firwat dass den Tarif X elo op eemol bei der öffentlecher Déngschtleeschting an d'Luucht gaangen ass, firwat den Abonnement Y op eemol méi deier ginn ass, firwat een net méi grad esou schnell op der Wämperhaart säin Uschloss kritt, wéi dat hei an der Stad ass. All déi Froen, déi opkommen, déi och d'Gemenge sech stellen, déi op eemol feststellen, dass se Problemer riskéieren ze kréie muer oder iwwermuer, wa se hiren eegene Busdéngscht wëllen organiséieren.

Mir mierken et also un Auswierkungen, wou d'Origine vun der Décisioun awer leider gewéinlech ganz wäit zrëck scho läit. Dobäi sinn d'öffentlech Déngschtleeschtingen d'Häerzstéck vun eiser gesellschaftlecher Kohesioun. Et ass net eng einfach Wuert, et ass net einfach e Produkt an et ass scho virun allem kee kommerziellt Produkt.

Op europäeschem Niveau ass villes geschitt iwwer Richtlinnen, iwwer Reglementer. Mir liewen an enger Phas vu staarker Liberaliséierung, Privatiséierung, Dereguléierung, a munches steet eis wahrscheinlech nach bevir. Deen, dee sech de Livre vert vun der Kommissioun ugekuckt huet - dat ass den 21. Mee dëst Joer erauskomm iwwert d'Services d'intérêt général -, stellt sech mat Sécherheet Froen iwwert d'Ausrichtung vun deem Service d'intérêt général, deen ech elo ganz oft wäert anescht nennen.

Service public ass deen Terme, dee mir méi oft hei zu Lëtzebuerg gebrauchen, mä dat ass u sech en Terme, deen improprie ass. E Service public ass e Service au public, an dat sinn och eng ganz Rei aner Saachen. Ech mengen, wa mir eng Kette vu Geschäfte hunn, déi Nahrungsmittelen ubidden, ass dat e Service au public, deen noutwendeg ass, mä dat ass awer net dat wat mer ënner Service public als solches ze verstoen hunn an dat wat mer mengen. De richtegen Terme wär u sech Service d'intérêt général. A wéi mäi Kolleeg Ben Fayot mech drop opmierksam gemaach huet, ass deen Terme awer u sech och net am Traité am Moment erëmfannen. En ass wuel an engem Livre vert, mä et gëtt en net an den Traité vum der Europäescher Unioun, e gëtt do meeschtendeels anescht ausgedréckt, mat Service d'intérêt économique général. Dofir, wann ech dat elo weider esou gebrauchen, da soll et awer am Sënn si vum Service d'intérêt général.

En ass op europäeschem Plang an der Diskussioun net iwwert de Livre vert, mä och well an der europäescher Konstitutioun en Artikel dierft herno dra kommen, deen ebe just d'Kärstéck vun der Diskussioun iwwert de Service d'intérêt général beinhalt.

Et ass also eng wichteg Phas, grad wéi et eng wichteg Phas och op Weltniveau ass. Mir haten Diskussiounen hei iwwert d'Verhandlungen um Niveau vum GATS, um Niveau vun der Welthandelsorganisatioun. Mir hunn an der Chamber geschwat iwwert d'Gefor an d'Implikatiounen an haaptsächlech op

wat mer eis Regierung missten opmierksam maachen, wa se et net gemierkt hätt, wou si misst op europäeschem Plang kucken, fir dass deen zoustänneg Kommissär de Suergen, déi hei eng ganz Rei Organisatiounen, Gemengen an esou weider hunn, déi direkt dierfte konfrontéiert gi mat de Konklusiounen vun deene GATS-Verhandlungen, Rechnung dréit.

D'öffentlech Déngschtleeschtingen sinn an eisen Aen Déngschtleeschtingen, déi solle biergerno sinn, modern, héichwäerteg an der Qualitéit an déi zu gläicher Zäit och sollen als ee vun de Grondrechter vun de Bierger considéréiert sinn. Dofir brauche mer awer vläicht eng zäitgeméis Definitioun vun den Déngschtleeschtingen a vun der Roll vum Stat, eppes wat mer de Moment net hunn. Mir musse selbstverständlech kucken, wa mer dat definéieren, dass mer och déi noutwendeg Mëttelen dofir ginn, an dass mer kucken ze probéieren, ze definéieren, wéi mer déi Déngschtleeschtingen net der Logik vum Maart eleng aussetzen, wéi mer déi Déngschtleeschtingen definéieren, déi allefalls dierfte käschendeckend sinn an net profitorientéiert ugebuede ginn. Well wann et sech an d'Rëtsch vun de Grondrechter soll areien, wat eis Meenung ass, da muss een op déi do Punkten oppassen.

Et muss e gläichen a qualitativ héichwäertegen Zougank gi fir d'Leit alleguerten, a mir hunn dat als Partei mat folgende Grondsätz probéiert ze ënnersträichen.

Et muss also e gläichwäertegen, diskriminéierungsfräien, sozial gerechten Zougank ginn. E muss flächendeckend an a grousssem an ausräichendem Émfang ugebuede ginn. E muss eng beschtméiglech Qualitéit hunn. E muss dauerhaft verlässlech an dezentral sinn, an et mussen natierlech och d'Infrastrukturen do sinn, fir dat do ze garantéieren.

Lëtzebuerg bedeelegt sech un deenen Diskussiounen leider hei an eisem Parlament net ganz vill, an op Regierungsniveau géeng ech soe si mer amgaange royalement d'Situatioun an d'Evolutioun ze verschlofen. Anstatt dass mer hei mat allen Acteuren géingen ufänken doriwuer ze diskutéieren, well d'Problemer jo säit 1999 ganz kloer erkannt gi si vun der Regierung, déi waren och eis bekannt, si si vun lech erkannt ginn, jiddferen huet gesot, endlech, endlech kommen se drop, dass se mierken dass mer eng ganz Rei Kursännerunge gegebenfalls musse maachen, bedéngt duerch d'Entwécklung, déi weder deem engem nach deem anere seng Schold muss sinn, mä Dir hutt eng Period gehat, wou mer éischstens als Stat iwwer vill Geld verfügt hunn, wou mer eng roueg Period haten, net eng, déi duerch grouss Konflikter geprägt war, wou een hätt kënnen higoen an dat do an aller Rou diskutéieren. Dëst ass net geschitt.

Et kënn mer e bësse vir, wéi wann eis Verantwortlech an der Regierung wéi um Quai vun enger Gare stinn. D'Zich fuere laanscht, heiandsdo fiert emol ee méi lues, da probéieren se en ze kréien a gero den nach just d'Trëttbriet. Esou gesäit et mir aus, wann ech d'Aart a Weis kucke wéi se...

(Interruption)

Jo, wann Dir lech begnügt domat Trëttbrieffuerer ze sinn, Här Rippinger, da gestinn ech lech dat gären zou. Dat fällt eis och permanent op, dass dat lech duer geet, Här Rippinger.

(Interruption)

D'Verwaltungsreform läit scho säit 1995 do, eng Propos vun engem

Rapport, deen awer an deene groussen Zich Lettre morte bliwwen ass. Elo kann ee soen, Dir hutt lech den zoustänneg Mann gekapert. Deen hu mer eis awer eréischt geholl zu engem Zäitpunkt, wou ee gemierkt huet, dass d'Regierung och mat him net vill Wëlles hat op deem dote Plang, well hien ass fir d'éischt ofgezu ginn. Deen hätt missen och herno responsabel gi fir d'Emsetzung, wat hien net war. Hien ass ofgezu gi fir aner Aufgaben an den Intérieur. Och do huet ee scho gemierkt, den zoustänneg Minister huet net deen noutwendegen Drock gemaach an huet sech och net d'Moyenë ginn, Moyenen, déi hien deelweis hat a wou hien hätt kënnen, och virun 1999 schon, e ganze Koup Ännerunge virhuelen.

Bon, dat ass net geschitt. 1999 sinn awer eng ganz Rei Problemer erkannt ginn. Am Regierungsprogramm steet, Här Weiler, dass d'Regierung «engagera une réflexion en profondeur sur la nature et l'orientation générale des modes d'organisation et d'action de l'Etat, qui aboutira à la mise en place d'une grille de critères et de paramètres devant inspirer sa manière de procéder».

Da muss ech lech soen, domat ka jiddferen direkt d'accord sinn, mä geschitt ass näischt. Dat ass dee ganze Problem! Mir hunn emol nach net ugefaangen doriwwer ze diskutéieren a mir si geschwë bei deenen nächste Wahlen. Wuel huet den CES säi Rapport ofginn, hien huet dat gemaach am Oktober 2001, dat ass eng gutt Basis fir d'Diskussioun unzefänken. Dat ass awer net geschitt an deem Mooss. Mat Ausnahm vun e puer Artikelen, déi sech domat ausernaner gesat hunn an den Zeitungen, ass keng Diskussioun richteg hei am Parlament gewiescht fir bahnbrechend aner Richtungen anzegoen.

Den zweete Punkt, direkt huet d'Regierung erkannt, dass et e Problem eventuell an eenzelne Secteuren wier an deenen een eng Bestandsopnam misst maachen. De Groupe Waringo, wéi e genannt gëtt, war chargéiert ginn am Sozialsektor ze kucken: Wat gëtt et un Déngschtleeschtingen? Wie mécht se? Wat fir eng Double-emploië gëtt et? Wat fir eng Problemer kënnen optauchen? Ugekënnegt ginn ass e mat ganz grousssem Trara. Sechs Méint duerno, war gesot ginn, soll en ofliwweren. Sechs Méint duerno, gi mer em och nach ee Joer, dee Mann huet och wahrscheinlech ofgeliiwert, ech weess et net, ech hunn et net gesinn, et ass awer diskutéiert ginn. Komescherweis ass awer bis elo nach näischt un de Public geroden.

Elo kann ee soen, mir sinn amgaangen d'Saach virzebereeden, mä déi Interlocuteurë mat deene jo soll geschwat ginn, wou den Dialog jo soll gefouert ginn, wou d'Transparenz jo soll herrschen, et ass ebe just mat de politesche Vertrieder hei am Parlament näischt geschitt.

Wou ass dee Rapport drun? Firwat ass deen net public gemaach ginn? Firwat ass en no sechs Méint, wou e versprach gi war, héich an helleg, net op den Dësch geluecht ginn? Sinn esou vill Saachen dran, déi lech dérangéieren, dass Der se net kënn public maachen? Wat ass de Grond, firwat dass Der dat gemaach hutt? Déi fënnef Fraktiounen an deem Parlament hei hunn eng Demande gemaach fir en Débat ze féieren am Sozialsektor, wien an Zukunft wat soll hei féieren. Do hunn all méiglech Leit ënnerschiwwen. Ech hunn se déposéiert am Numm vun deene fënnef Gruppéierungen, déi hei sinn.

Déi Diskussioun ass hei blockéiert, blockéiert säit deem Moment. Firwat? Well gesot ginn ass, all Ablack kënn de Groupe Waringo zu Konklusiounen. Et ass näischt

do. Entweder huet dee Groupe seng Aarbecht net gemaach oder déi Leit, déi d'Aarbecht ofgeliiwert kruten, hu se net wëlle public maachen. De deux choses l'une, mä mir hei an der Chamber si blockéiert ginn an all Gruppéierung, Här Weiler, inklusiv Dir hutt refuséiert...

(Interruption)

Neen, ech weess et net. Wéi soll ech dat wëssen?

M. Lucien Weiler (CSV).- En ass net fäerdeg, mä...

M. Jeannot Krecké (LSAP), interpellateur.- Da froen ech mech wéi et méiglech ass, dass ugekënnegt gëtt, no de Wahlen, bannent sechs Méint ass dee Rapport disponibel. Elo sti mer virun deenen nächste Wahlen, en ass nach ëmmer net do.

Wann Dir dat normal fannt, dass mir elo véier Joer hei net iwwert de Sozialsektor konnte schwätzen, net iwwert déi Déngschtleeschtingen, déi do gelescht ginn, an iwwer eng eventuell Emorientéierung. Déi Diskussioun si jo komm beim ASFT-Gesetz, beim Kollektivvertrag, do ass dat jo alles opkomm, dass gesot ginn ass: Wat kascht dat dann elo? Ass et dann net besser mir géngen eventuell d'Gemengen dat maache loosson oder de Stat, oder si wierklech d'A.s.b.l.en déi besser Solutioun, déi eis e bessere Service an een zu anstänneg Konditiounen garantéieren? Déi Froe si jo alleguerten opkomm an déi sollte behandelt ginn doranner. Mä mir si blockéiert. Véier Joer hu mer näischt gemaach doranner.

(Interruption)

Mä, Här Weiler, da bannt d'Leit mat an. Mengt Der mir wieren ze blöd fir doriwwer ze schwätzen wann et komplizéiert ass? Ech weess net firwat. Firwat ass dann net gesot ginn: Hei sinn déi Problemer, déi sech bei eisem Rapport stellen? Firwat ass dat dann net gesot ginn? Hei sinn d'Problemer, déi sech stellen, wat haalt Dir dann dovun? Firwat ass dann einfach just Rou a Schweigen? Näischt ass erfollegt.

Une voix.- Et ass eng Dunkelkammer dat do.

M. Jeannot Krecké (LSAP), interpellateur.- Jo, ech mengen och.

(Interruptions)

Deen drëtte Punkt ass dee vun den Etablissements publics.

Une autre voix.- Dir musst eng Pirouette maachen, Här Krecké. Dir wësst jo wéi dat geet. An deene leschten Deeg hu mer dat gesinn.

M. Jeannot Krecké (LSAP), interpellateur.- Et huet jo kee Wäert. A mir hunn et elo nach eng kéier gesinn an der Fro vum Kierchberg. Léif Kolleegen, de Fait dass mer esou laang amgaange si mat den Auswierkungen vum Rapport iwwert de Fong vum Kierchberg ze diskutéieren, huet en Haaptgrond. Dat sinn déi Onklorheeten, déi herrschen, an déi Diskrepanz, déi herrscht tëschent der Entwécklung an den Etablissements publics - net an deenen eleng...

(Interruption)

Also, Här Rippinger, ass dat dann d'Primitivitéit awer net am Quadrat, wann Dir elo all kéiers frot, wann ech e Problem opwerfen: Wien huet den Etablissement public geschaaft? Mä selbstverständlech kënnen mer do zrëckgoen. Déi éischt Etablissements publics komme wahrscheinlech aus den 30er an den 20er Joren. Da gi mer déi Leit elo och nach froen. Ech stelle ganz einfach fest, dass Etablissements publics geschaaft gi sinn an deene leschte Jorzéngten à tort et à travers, soen ech ganz kloer.